Dépôt :
Groupe politique LSAP
Liz Braz

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2025

Interpellat° - Éducat° financière

3

# MOTION

**D'Chamber,**

- stellt fest, dass d'Finanzwelt ëmmer méi komplex gëtt an dëst et ëmmer méi schwiereg mëscht fundéiert an opgekläerte finanziell Decisioune kennen ze treffen°;
- erkennt d'Noutwendegkeet vun enger verbesserter finanzieller Educatioun zu Lëtzebuerg un;
- mierkt un, dass Lëtzebuerg als Finanzplaz och eng Responsabilitéit huet fir eng transparent, inklusiv an nohalteg finanziell Kultur ze promouvéieren;
- stellt fest, dass et scho gutt a wichteg Initiative vu verschiddenen Acteuren aus dem Finanzsecteur zu Lëtzebuerg ginn;
- mierkt un, dass et zu Lëtzebuerg keng pädagogesch Infrastruktur gëtt, déi sech ëm d'Vermëttlung vun neutralem, finanzielle Wëssen këmmert,
- hëlt zur Kenntnis, dass an der Belsch déi national Finanzopsiicht FSMA esou e pädagogescht Haus („Wikifin Lab") kreéiert huet, dat fir déi finanziell Wëssensvermëttlung op eng innovativ an interaktiv Manéier bei alleguer de Generatioune virunzedreiwen;
- stellt fest, dass esou eng Maison educative et géing méiglech maachen alleguer déi pädagogesch Ressourcen ze zentraliséieren an eng besser Zesummenaarbecht tëschent den ëffentlechen a privaten Acteuren ze fërderen;

**invitéiert d'Regierung:**

- d'Ëmsetze vun esou enger Maison de l'éducation financière, inspiréiert um belsche Modell, ze analyséieren.

Mat déiwem Respekt,

Signature (s) :

Liz Braz